

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« Déi däitsch Regierung huet rezent e Gesetzesprojet virgestallt, mat deem Däitschland dat éischt Land weltwäit géif ginn, dat d'Conduite autonome am normale Stroosseverkéier erlaabt. Dëst wier zwar nëmmen op festgeluechte Strecke méiglech, mee hei dierften awer Gefierer vum Niveau 4 vun insgesamt 5, wat d'Autonomie betrëfft, zirkuléieren. Mëi genee heescht dat, dass et sech hei ëm vollautomatiséiert Fueren handelt, bei deem de Chauffeur just a Geforesituatioun muss agräifen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- Ass den Här Minister au Courant vun dëser Entwécklung ?*
- Wéi wäit ass Lëtzebuerg am Bezuch op d'Autorisatioun vum autonome Fueren am normale Stroosseverkéier ?*
- Huet d'Regierung wëlles sech um däitsche Gesetzesprojet fir eng eventuell Legaliséierung vun der Conduite autonome z'inspiréieren ?*
- Fir wéini wier en änleche Schrëtt wéi an Däitschland hei zu Lëtzebuerg denkbar ?*
- Wat sinn d'Tëscheresultater vum gemeinsame Pilot-Projet mat Däitschland a Frankräich an der Groussregioun zu deem Sujet ? »*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten